# Amicale des Anciens Prisonniers et des Familles de Disparus de Natzweiler – Struthof

(Association sans but lucratif)

**AMICALE NATZWEILER - STRUTHOF**

Fondation : le 30 janvier 1966 à Osweiler, premier président : Robert KRIEPS.
Secrétariat : 20, bd. J.F.Kennedy, L - 4930 Bascharage Tél. 50 16 75 / Fax : 23 65 21 76 (+352).
Compte bancaire: LU98 0090 0000 1236 6514 CCRA (Banque Raiffeisen)

**Käerjeng, de 15 Januar 2009.**

Léif Memberen, Léif Komeroden, Frëndinnen a Frënn,

De Comité vun der Amicale Natzweiler-Struthof invitéiert Iech an är Familljen op eis **Generalversammlung,** déi e **Sonndeg, den 08 Februar 2009**, ëm **12 Auer mëttes**, zu **Lëtzebuerg** am **Restaurant-Pizzeria ROSSINI, 20, av. Pasteur**, *(Parking GLACIS, Sonndeg kascht dee néischt)* gehale gëtt.

Virun der Joresversammlung, fanne mir äis zesumme fir d'Iessen am selwechten Restaurant.

Nom Appéritif geet et géint 12.30 Auer weider mat dësem Menu:

**Tagliatelles à la crème de truffe**
**Saltimbocca alla Romana, légumes frites**
**Tiramisu**
**De Präis vum Menü ass 32 €, net abegraff sinn Aperitif a Gedrénks**

No dem Iessen, géint 14.30 Auer, fänke mir u mat dësem
Ordre du jour:

1. Begréissung vun der Präsidentin Eléonore JEITZ-LESS.
2. Aktivitéitsrapport vum Sekretär Edy JEITZ.
3. Rapport vum Caissier Paul WEYER.
4. Rapport vun de Keesskontrolleren.
5. Neiwiel vum Comité (Vice-Präsident a neie Member) an de Keesskontrolleren.
6. Diskussioun an Decharge.
7. Bestëmme vun engem Delegéierte fir d'L.P.P.D.
8. Programm fir d'Joer 2009.
9. Verschiddenes.

**D' Kandidate fir de Comité kënne sech schréftlech oder mëndlech melle bei der Presidentin Tél. 50 16 75 oder beim Sekretär um GSM 621 395 591.**

Fir Iech unzemelle fir d'Iessen, biede mer Iech virum 30. Januar 2009 d'Zomm vum Iessen: **32 €** pro Persoun op de Kont **LU98 0090 0000 1236 6514** vun der Amicale Natzweiler-Struthof bei der Banque Raiffeisen (CCRA) ze iwwerweisen
an der Presidentin um tél. **50 16 75** bescheed ze ginn!

Mir leeën Iech och d'Memberskaart fir d'Joer **2009** derbäi. De Bäitrag ass **10 €** . Déi Zomm, et duerf natierlech och eppes méi sinn, kënnt Dir mat dem Präis vum Menü op deeselwechte Kont iwwerweisen.

De Comité wënscht Iech alleguerte nach een glécklecht neit Joer. Hie freet sech elo schonns drop, méiglechst vill vun Iech Sonndeg den **08. Februar 2009** begréissen ze kënnen.

Fir de Comité,
d'Presidentin, Eléonore JEITZ-LESS

Annexes : Plan de situation du restaurant, Carte de Membre et Calendrier des manifestations 2009.